U R G E N T

Am Kamerun fänken, wéi hei zu Lëtzebuerg och am Hierscht erem d'Schoulen un!

Et war an ass fir si eng ongewëss Zukunft, an mir hun äis als „Frëndeskrees Kamerun" verpflicht, zousätzlech zu eisem bestehenden Projet hinnen d'Schoulgeld + Uniform + Schoulmaterial asw, ... grad wéi en Deel vum Loun fir Schoulpersonal fir 2020-2021, am Ganzen **18.000.-€** ze bezuelen.

Dat ass vill Geld, zemol de Ministère de la Coopération äis net dobäi finanziell ennerstëtzt, mee mir de ganze Montant iwerhuelen mussen. Mir wollten de Kanner awer erméiglechen, hir Schoul an hir Ausbildung zu engem Beruf während den nächsten 12 Méint kënnen weider ze féieren. Selwer konnten mir äis 2019 op der Plaz vun der Wichtegkeet von dësen Formatiounen iwerzeegen.

Dofir dësen APELL un Iech, léif Frënn,
fir äis en speziellen Schoul-Don,
no ärem Ermiessen an no Ären Méiglechkeeten zoukommen ze loossen,
Fir 1 Kand kann een am Durchschnëtt mat 275 € pro Joër (180 000 CFA) rechnen.
Bei äis zu Lëtzebuerg as d'öffentlech Schoul / Ausbildung gratis.

Wéinst CORONA konnten an kënnen eis üblech Aktiounen 2020 net statt fannen. Mir rechnen mat engem Verloscht vun ron 25.000 €.
Weider Detailer zum Projet kënn Dir op eiser Internetseit nokukken:
www.frendeskreeskamerun.lu

Maat Ärer wertvoller Ennerstëtzung kënn Dir Iech soen, Dir hëlleft engem oder méi Kanner datt hier Zukunft besser ausgesäit. Dir hëlleft, dass Jugendlech hir Zukunft an Afrika gesin an net wëllen an Europa no hirem Gléck sichen.
Hëlleft äis weiderhin hëllefen an mir suergen dofir, dass all Euro bei hinnen ukënnt.
Hudd Dir Iddien wéi mir kënnen weiderhin un finanziell Ressourcen kommen, dann zéckt net fir äis déi matzedeelen.

De Frëndeskrees Kamerun seet elo schons ee grousse MERCI
Leo Kraus (leon.kraus@education.lu), Marie-Paule Arendt-Brosius (marie-paule.arendt@education.lu), Raymond Brosius, Änder Ludovicy, Camille Schneider, Annette Scholer, Sara Sommer.

„Frëndeskrees Kamerun" CCPLU 92 1111 2995 2788 0000
Adresse postale: 7b, rue Principale L-5465 Waldbredimus